

Politesch gesi géif ech awer mengen, dass et besser wir, wa se vunenee lassgetrennt wieren. Ech bleiwe bei deem, wat ech elo grad gesot hun, dass den Alinéa 2 onbedingt muss gestrach gin.

(Interruption)

Ärer Theorie no, wann d'Europawalen am Mäerz géinge stattfannen, da missten d'Landeswale mat dene coincidéieren, an da si mir erëm an deem selwechte Szenario wéi elo, an dat wëlle mer jo nët. Dofir muss deen Alinéa gestrach gin. Mat dem Rescht kann een d'accord sin, quitte datt een et elo de Mount Mäerz mécht, den Abrëll, den Oktober oder den Dezember.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Dee Punkt vum Ordre du jour as ofgeschloss. Mir kommen zur Proposition de loi vum Här Willy Bourg. Den Här Bourg huet d'Wuert.

10. Proposition de loi 4550 de M. Willy Bourg concernant la modification des articles 57, 62 et des articles 335 à 339 du code civil traitant de la reconnaissance d'un enfant naturel

M. Willy Bourg (CSV), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Vu datt et scho spët as, maachen ech et ganz kuerz.

Dës Proposition de loi bezitt sech op d'Unerkennung duerch de Papp vum engem Kand, dat ausserhalb vum Mariage gebuer gouf. Duerch dës Proposition de loi gin eng Rei vun Artikelen vum Code civil ofgeännert.

Fir wat hun ech dës Proposition gemaacht? Ech wëll dat duerch e Beispill illustréieren, wat an der Stad geschitt as.

Eng elengerzéiend Mamm vum engem Kand as zoufällig gewuer gin, datt am Gebuertsregëster vum Etat civil e Mann sech als Papp vum Kand androë gelooss huet. An deem Fall war et wierklech de Papp vum Kand, deen awer d'Fra scho virun der Gebuert vum Kand verlooss hat. Op Ufro beim zoustännege Gemengebeamte gouf mir confirméiert, datt dës Androung an de Gebuertsregëster ganz legal wär an deen Éischte Mann, dee sech géif als Papp ausgin, och an där Qualitéit géif ageschriwwen gin, ouni Nowäis, ob dat och esou as, an ouni d'Mamm virdrun ze froen, geschweige si ze informéieren.

Vu datt d'Evolution zu Lëtzebuerg déi as, datt ëmmer méi Kanner ausserhalb vum Mariage op d'Welt kommen, hu schon europäesch Länner a deemem Beräich légiféréiert. Ech hu mech bei dëser Proposition de loi vun där belscher Législatioun inspiréiere gelooss.

De But as, d'väterlech Unerkennung vum engem Kand der Zoustëmmung vum der Mamm ofhängeg ze maachen. Am Fall wou d'Mamm hir Zoustëmmung nët gët, besteet nach ëmmer d'Méiglechkeet fir de Papp, säi Recht viru Gericht geltend ze maachen, mä hie muss dat da beweisen. De Moment as et esou, datt d'Mamm muss beweisen, datt hien de Papp nët as.

Ech sin iwwerzeegt, datt dës Proposition de loi zu enger méi grousser Gerechtegkeet bäidréit.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Wëllt ee vun de Kollegen d'Wuert derzou ergräifen?

(Négation)

Mir kommen zur Proposition de loi vum Här François Biltgen. Den Här Biltgen huet d'Wuert.

11. Proposition de loi 4551 de M. François Biltgen portant réglementation des ensembles de coins de terre et jardins familiaux

M. François Biltgen (CSV), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech sin déi lescht Zäit, wann ech drop ugeried gouf, datt ech hei eppes géif fir d'Klenggäert maachen, oft belächelt gin, well gesot gin as, dat sin d'Schrebergärten, dat as haut alles tempi passati. Ech mengen awer, datt dat nët de Fall as.

Mir hu ganz vill där Klenggäert. Eleng an der Liga vum Coin de Terre et du Foyer sin 143 Veräiner, an denen 143 Veräiner sin iwwer 35.000 Famille regroupéiert, déi och haut hir Klenggäert hun, déi se am Kader vun dene Veräiner géréieren.

D'Problematik as haut eng aner wéi an der Zäit vun de Schrebergärten, an der Zäit vun dem Abbé Lemire. Et war deemools e soziale Problem. D'Leit hate kee Wunnumraum. D'Leit waren aarm. Déi Klenggäert, déi se haten, hun hinnen e bësse Loft gin, besonnesch an de Grousstied, a si konnten sech och bëlle Geméis zillen, fir dovun ze liewen.

Haut hun déi Klenggäert nët méi déi Fonktioun, mä si hun eng wichteg sozial an ëmweltpolitesch Fonktioun, virun allem. Si bréngen e gewësst soziaalt Zesummeliewen, an dofir geet et och hei nët ëm deem Eenzelne säi Gaart, mä et geet ëm déi Ensembles. Si bréngen eng gewësst Ëmweltqualitéit an eis Stied, besonnesch an eis Grousstied.

Ech hun dofir dës Proposition de loi zesumme mat der Liga vun dem Coin de Terre et du Foyer ausgeschafft, déi u mech crugetruede war, fir hir ze hëllefen, Iddiën, déi scho laang nët nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och um europäeschen Niveau vertruede gin, an e Gesetzesprojet ënzesetzen. Déi heite Proposition de loi versteet sech dofir als eng iwwerparteesch Initiativ, déi selbstverständlech vun allen anere kann a soll mat ënnerstëtzt gin an elo nët soll de parteipolitesche Stempel droen.

Vum 29. Juni bis den 2. Juli 1998 war en europäesche Seminar vun der Liga zu Lëtzebuerg organiséiert gin, dee jhust d'Problematik diskutéiert huet vun enger Gesetzgebung. Et gët Länner, déi Gesetzgebungen hun. Ganz performanter fënt een zum Beispill a Finnland, mä och ronderëm eis, an Däitschland an a Frankräich. Och Éisträich huet eng ganz interessant Gesetzgebung iwwer déi Klenggäert.

Fir kuerz d'Haaptpunkte vun dëser Proposition de loi, déi elef Artikelen huet, ze regruppéieren, wëll ech folgendes soen.

Wat sin d'Ziler, déi ech verfollegen? D'Liewensqualitéit ze verbesseren, d'Klenggärtner ze ënnerstëtzen an hirer Roll vum sozialen Ausgläich, vum Ëmweltschutz a vum Zesummeliewe vun alle Leit, virun allem awer d'Klenggärtner rechtlech ofzesécheren, wat de Mietvertrag ubelaangt, a spezifesch Regelen eranzebréngen, wou mer mussen Dérogationnen zu den allgemenge Regele maachen.

Een éischte Punkt, dee mer hei erëmfannen, as d'Roll vun de Gemengen. No dëser Proposition de loi sollen d'Gemengen och d'Klenggärt als Zon an hir Bebauungspläng integréieren, mat der Konsequenz - eppes, wat mir zu Esch souwisou wëlles sin ze maachen -, datt, wa Klenggärt solle verschwannen, op enger anerer Plaz an deem selwechte Mooss nei Klenggärt kënnen entstoen. Mir hun zu Esch an eiser Politik eis dat zu ege gemaacht. Mir wëllen deemnächst e grouss Quartier entwéckelen, de Quartier vun den Nonnewisen, an d'Gemeng as elo schon amgaangen, eng aner Plaz unzefeën, wou déi Klenggärt erëm kënnen entstoen.

Een zwete Punkt as deen, datt mer sollen eng Zort global Konventioun ofschléissen tëschent de Propriétaires vum Terrain, dem lokale Veräin an der Gemeng. Déi soll d'Gestioun ofsécheren. Déi Konventioun soll och op 30 Jor ofgeschloss gin, de Loyer festleën an déi allgemeng Regelen.

Dës Proposition de loi baséiert och um Prinzip vun der Subsidiaritéit. Mir wëllen - a wann Der d'Proposition de loi liest, da gesitt Dir dat - nët vun uewen erof grouss Regele festleën, an och d'Gemenge sollen nëmmen da reglementéieren, wann d'Veräiner an hiren interne Reglementer, respektiv iwwer dee globale Ramevertrag nët uerdentlech Regele festleën.

Wien as Pächter? Pächter as de lokale Veräin, deen d'Sous-location mécht u sänge Memberen. D'Séil as de lokale Veräin. Dat as och haut esou, jhust datt de lokale Veräin keng juristesche Handhab huet, fir do e géuerdneten Oflaf ze garantéieren, an dofir soll dat festgeluegt gin.

No dem Prinzip vun der Subsidiaritéit wëll ech esou man wéi méiglech spezifesch Regelen an där Proposition de loi festleën. Déi eenzeg Regelen, déi ech elo virgesinn hun, sin, datt d'Parzelle vun den eenzelnen Sous-locataires tëschent 200 a 400 Quadratmeter grouss solle sin, nët méi grouss an nët méi kleng, datt närscht soll drop operéiert gin, ofgesi vun de Gaardenhaisercher, déi eng gewëss Gréisst nët sollen iwwerschreiden. Et solle keng Zweetresidenze gin.

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Ech wëll jhust soen, datt, wann een dat proposéiert, déi Veräiner och eng Capacité juridique mussen hun an eng Entité juridique mussen duerstellen.

M. François Biltgen (CSV), auteur. - Dat as meeschens haut schon esou, an an engem Artikel vu ménger Proposition de loi steet och dran, datt se entweder sollen

als Association agricole constituéiert sin oder als a.s.b.l. Dir hut absolut Recht. Ech hun dat och esou virgesinn.

E weidere Punkt, dee wichteg as, as, datt nëmmen Gaarden- a Fräizäitaktivitéite sollen an den Ensembles stattfannen. Natierlech solle keng lukrativ Geschäfte domat gemaacht gin. D'Déierenhaltung soll am Prinzip verbuede sin, et sief dann, Gemengereglementer géifen dat detailléiert reglementéieren.

Dat do as fir d'Zukunft. Mir hun haut festgewuesse Situationnen iwwerall, a mir wëllen och nët déi Situationne vun haut op muer op d'Kopp geheien; esou hun ech och Iwwergangsregelungen virgesinn.

De Veräi mécht de Pachtvertrag, an dee mécht Ënnerverträge mat sänge Memberen. Déi Verträge sin dann op Durée indéterminée a kënnen sechs Méint virdru gekënnegt gin.

E leschte Punkt as deen, datt mer hei wëllen e Conseil supérieur des jardins familiaux schafen, wou souwuel fënnf Membere vun der Regierung, fënnf Membere vum Syvicol a fënnf Membere vun der Liga setzen. Mat där heite Proposition de loi kréien also och d'Liga vum Coin de Terre et du Foyer an all hir Lokalsektionnen eng rechtlech an doduerch och eng moralesch Unerkennung fir déi vill Aarbecht, déi se an dene laange Jore vun hirem Besteh fir hir Memberen, awer och fir eist Land gemaacht hun.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Den Här Stendebach huet d'Wuert.

M. Théo Stendebach (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. D'DP kuckt déi Proposition de loi, déi den Här Biltgen virbruecht huet, mat ganz vill Sympathie, aus där einfacher Ursach, well si et nach ëmmer esou gehandhaabt huet, do wou si d'Verantwortung huet.

Merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Minister Frieden fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

12. Dépôt d'un projet de loi

M. Luc Frieden, Ministre du Budget. - Här President, ech sin autoriséiert, fir de

- *Projet de loi 4553 portant transposition de la directive 97/9/CE relative aux systèmes d'indemnisation des investisseurs dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier*

ze déposéieren.

M. le Président. - D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun deem Projet de loi a gët e weider un déi zoustänneg Kommissioun.

Mir sin um Enn vun eiser Sitzungswoch ukomm. Mir gesinn eis erëm no Ouschteren. Déi nächst Sitzung si virgesinn en Dënschdeg, den 20. Abrëll, e Mëttwoch, den 21. Abrëll, an en Donneschdeg, den 22. Abrëll. Den Ordre du jour gët lech schrëfflech zougeschéckt.

D'Sitzung as opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.05 heures)